N°3854
Entrée le 30.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.03.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

Laut Informatiounen, déi eis zougedroe goufen, souwéi op Basis vun engem Bréif vum Ombudsman, schéngen d'Delaien am Kader vum Regroupement familial fir Beneficiairen vun internationalem Schutz (BPI) inakzeptabel laang ze sinn. Et gëtt vu Delaien am Duerchschnëtt vun iwwer zwee Joer geschwat, deelweis dauert et bis zu 35 Méint.

Dobäi kënnt, dass d'Kommunikatioun tëscht den zoustännegen Administratiounen an de concernéierte Persounen als net zefriddestellend beschriwwe gëtt. Déi Betraffe géifen oft net oder nëmme verspéit iwwer den Evolutiounszoustand vun hirem Dossier informéiert ginn.

An deem Kontext géinge mir den Här Ministeren follgend Froe stellen:

- Wat ass de gesetzlech virgesinnenen Delai fir den Traitement vun Demanden am Kader vum Regroupement familial fir BPI?
- Wéi laang ass den effektiven Duerchschnëtts-Delai, deen de Ministère aktuell brauch, fir esou Dossieren ofzeschléissen?
- Ass dem Ministère bekannt, datt an eenzelne Fäll Delaie vu méi wéi zwee Joer, respektiv bis zu ronn 35 Méint, observéiert goufen? Wéi erkläert de Ministère esou laang Delaien?
- Wéi vill Persoune sinn am Kader vum Regroupement familial aktuell nach „en attente" a waarden op eng Decisioun vun hirem Dossier?

Mat déiwem Respekt

| Yves Cruchten | Paulette Lenert | Liz Braz |
|---|---|---|
| Deputéierten | Deputéiert | Deputéiert |

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu